



Lëtzebuenger

duerf

fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement



Sech zu Christus bekéieren...

Léif Frënn,

Wann ech aus der Fënster erauskucken, da gesinn ech den éischte Schnéi, deen eist Land zouzedecke versicht. Et ass erëm esou wäit, de Wanter steet virun der Dier. D'Natur bereet sech op de Wantereschlof vir an och mär sinn opgeruff, méi lues ze maachen. Net nëmmen d'Natur luet äis duerch déi méi kuerz Dageslichtzäit dozou an, ma och de liturgesche Kalenner. Mam 1. Advent fänkt dat neit Kierchejoer un an déi éischt Sonndeger ruffen dozou op, e ganz bewosste Wee mat Gott ze goen. Och wa scho ronderëm op de Stroossen a Geschäfte de Chrëscht dagsbeemche steet, Chrëscht dagsmusek äis an eng romantesch Stëmmung ze versetze versicht, déi dozou passend Kichelcher äis un de Nuesen an d'Bäckerei eranzéien, et ass awer nach keng Chrëschtzäit!

Fir d'éischt heescht et elo mol roueg ginn, e Schratt méi lues maachen, säi Liewen a Schaffen iwwerdenken, sech op dat Wesentlecht konzentréieren. Jo, dat sinn eng vun den Zieler vun dëser „klenger“ Faaschtzäit. An der Adventszäit bereede mer äis op d'Feier vu Chrëscht dag vir, dee Moment wou Gott Mënsch ginn ass. Doduerch datt Gott Mënsch ginn ass, ass En net nëmmen de gläiche Liewenswee wéi mär gaangen, ma En huet Säin Evangelium an eiser Sprooch verkënnegt, déi Gutt Norricht, déi vu Rettung, Troust, Gebuergeheet a Léift schwätzt.

Gott ass matten ënnert äis, zu all Moment vun eisem Liewen, a gudder wéi och a schwéiere Momenter. Hien ass et, Dee versicht, äis um richtege Wee ze behalen an E rífft a berífft äis, Him



sech zu
Christus
bekéieren

entgéint ze goen. Et ass wichteg sech ëmmer erëm Zäit ze huelen, fir dës Relatioun mat Gott ze fleegen. Grad an Zäite wou d'Kierch vu bannen a bausse kritiséiert gëtt, wou mer mierken, datt et an eise Communautéiten zu enger Rei vu Changementer kënn (ob op person-

lem oder strukturellem Niveau) – an Zäite wou et net méi selbstverständlech ass, datt de Glawe fest an den Härzer vun de Mënsche verankert ass – ass et wichteg, sech ze stäerken an sech stäerken ze loossen. Dowéinst huet eisen Här Äerzbëschof zu enger Revitaliséierung vun eiser Christusbeziung opgeruff, fir esou mat vill Kraaft an Hoffnung an d'Zukunft ze goen a fir eise Matmënschen e Virbild vum Härgott Sengem Evangelium ze sinn.

„Bei dëser spiritueller Démarche geet et dofir éischer ëm e „Sinn“, wéi ëm e „Maachen“. Nëmme eng Kierch, déi aus der Christusverbonnenheet eraus leeft, ka lieweg a missionaresch ginn. An deene kommende Méint wëlle mir äis duerfir ganz bewosst op de Jesus – a sengem Wuert an an de Sakramenter – aloossen.

(Fortsetzung op der Säit 12)

*Mir wënschen eise Lieser a Memberen
eng besënnlech Adventszäit
an e frou a geseente Chrëschtfest*



Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2013

Den Dynamismus vun de Wahle notzen!

Usprooch vum Jeff Boonen – President vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer



De President Jeff Boonen kann op eng weider interessant a guff Editioun vum JB & JW-dag zrëckblécken

*Léif Éiregäscht, Dir Dammen an dir Hären,
Erlaabt mir, fir gläich am Ufank e puer Mercien
auszeschwätzen.*

Här Äerzbëschof,

Wéi an deene leschte Joren, bleift Dir äis trei a sidd den Owend och ërem hei op Ettelbréck komm, fir Är Gedanke mat äis ze deelen. Dat mécht äis grouss Freef. Mir sinn awer och immens frou iwwert déi Ënnerstëtzung, déi mir vum Bistum iwwert d'ganzt Joer erduerch kréien. Ech wëll lech op dëser Plaz nach eemol e grouse Merci soen, dass mir d'Méiglechkeet kruten, fir zwou ganz kompetent Persounen op eiser Säit an der Organisatioun ze hunn: Eisen Nationalaumônier, den Abbé Romain Richer, an eise Permanent, de François Glodt, déi äis dat ganzt Joer mat Rot an Dot zur Säit stinn. Dëst ass immens wichtig an engem Jugendveräin, wou eng grouss Dynamik herrscht an all Joer nei jonk Leit hir Responsabilitéiten an de verschidene Komiteeën a Gremien iwwerhuelen. Duerch d'Persoune vum Romain a Franz hu mir eng Konstanz, déi et erlaabt, d'Kontinuitéit iwwert d'Joren an eiser Organisatioun ze garantéieren. Fir datt jonk Leit – wéi mir – sech erfollegräich a setze kënnen – sief et fir d'Interesse vun der Landwirtschaft oder vun der Landjugend – awer och fir d'Entwécklungszesummenaarbecht vun eiser ONG – ass dës Konstellatioun immens wichtig. Ech wëll hei einfach nach eemol betounen, dass mir deen Asaz vun der Kierch ze schätze wëssen.

Här Minister Schneider,

An dësem Joer vun der EU-Agrarreform hutt Dir bewisen, dass Dir déi jonk Baueren eeschthuelft an si ënnerstëtze wëllt. Méi wéi eemol hutt Dir lech zu Bréissel staark gemaach, fir datt déi Propose vum Top up payment am

1. Pilier sollt esou ëmgesat ginn, wéi se vum CEJA, dem Daachverband vun den europäesche Jongbaueren, gefuerdert ginn ass. Mir si frou iwwert déi guff Echangungen, a fir et op méi eng jugendlech Aart a Weis ze soen – déi labber a spontan Diskussiounen, déi mir mat lech haten – och a Punkto national Ëmsetzung vun der EU-Agrarpolitik.

Elo ass déi Reform vun der EU-Agrarpolitik esou guff ewéi beschloss. Mir sollen äis elo awer net zrëckleeën a mengen, et wier fir déi nächst 6 Joer gedoen. E ganze Koup Upassung sinn net duerchgefuert ginn, an et gëllt elo schonn d'Themen unzeschwätzen, déi an enger nächster europäescher Agrarreform geännert mussen ginn. Ech denke virun allem un d'Direktbäihëllefen. Et ass scho laang bekannt, datt dës Bäihëllefen indirekt beim Propriétaire vun der Fläch landen. Bei manner ewéi 50% Eegeland an de Betriber, ass esou eng Politik net méi ze akzeptéieren.

Déi do Iwwerleeungen hu mir gefouert, wéi mir d'Thema vum Owend festgeluecht hunn, an als Riedner den Här Prof. Dr. Isermeyer proposéiert hunn, fir déi zukünfteg Erausforderungen an déi néideg Upassung an der Agrarpolitik duerzeleeën. Et ginn nach vill aner Froen, déi sech fir äis stellen: Sinn d'Asiemäert wierkelech esou interessant fir déi europäesch Landwirtschaft? Bleift de Wuesstem eng absolut Iwwerleewensstrategie fir eis Betriber? Ech denken, dass hien dee richtige Mann ass, fir äis Äntwerten zu dëse Froen ze ginn a fir seng Iwwerleeungen zu dëse Punkte matzedeelen.

Dëst Joer – a virun allem déi lescht Méint – waren, nieft der Reform vun der EU-Agrarpolitik, och geprägt vun de Wahle. Mir hunn eng nei Chamber an domat och eng nei Regierung gewielt. Doniewent hu mir dës Woch

– am Kader vun de Sozialwahle – de Komitee vun der Landwirtschaftskammer nei gewielt.

Mir wënschen all de Gewielten eng guff Hand bei den Decisiounen, déi si an Zukunft ze huele kréien. Mat deene ganze Wahle ass emol e richtig gudd Brainstorming gemaach ginn vun allen Iddien, déi eiser Landwirtschaft virunhëllefe kéinten. Dësen Dynamismus soll elo genotzt ginn, fir déi néideg Upassung an der Agrarpolitik ze maachen an domat d'Landwirtschaft op déi zukünfteg Erausforderunge virzereeden.

Och d'Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer hunn hir Iddien – déi, déi national Landwirtschaft betreffen – deene verschidene Parteie virun de Chamberwahle presentéiert, a sinn dankbar, dass se gehéiert gi sinn an eenzel Fuerderunge vun hinnen an de Wahlprogrammer zrëckfonnt hunn. All Parteie sinn d'Accord, datt déi jonk Bauere maximal ënnerstëtzt mussen ginn, wat mir natierlech begréissen. An eiser Stellungnahme wäerte mir geschwënn nach eemol op e puer vun eisen Iddien – a Fuerderungen – zrëckkommen.

Verbessert Recherche um Terrain fir d'Kompetitivitéit vum landwirtschaftleche Sektor ze stärken

Ech wëll vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir ee Punkt hei unzeschwätzen, deen an e puer Wahlprogrammer stoung, an dee – menger Meinung no – immens wichtig fir d'Zukunft vun der Lëtzebuenger Landwirtschaft ass.

Deemno muss déi nei Regierung – iwwert eng verbessert Recherche um Terrain, iwwert d'Wëssensverméttlung an d'Berodung – d'Kompetitivitéit vum gesamte landwirtschaftleche Sektor stärken. An der EU-Agrarreform ass dëse Punkt och als Prioritéit genannt ginn. Et ass immens vill Wëssen do, et ginn och vill Recherche gemaach. Mee entsprécht dëst deem, wat an Zukunft hei gebraucht an ëmgesat ka ginn, a wat op gesellschaftlech a politeschem Plang gewollt, resp. gefuerdert ass?

Fir déi Aufgab unzuegoe brauche mir eng Koordinatioun, déi méi wäit geet, wéi dat am Moment festgeluecht ass – a vun der Landwirtschaftskammer assuréiert gëtt. Hei geet et drëm, d'Erausforderunge vun Land an déi politesch Ziler ze erkennen, an dann déi richtig Organisatiounen, sief dat e Centre de recherche, eng Universitéit, e Berodungsservice oder d'Ackerbauschoul mat enger Aufgab ze beoptragen.

Eng Agrarkonferenz mat Leit aus Politik, Landwirtschaft an eventuell aneren Interessensorganisatioune géif all Joer festleeën, op d'Fuerschung an d'Berodung nach ëmmer um richtege Wee sinn – oder awer – op néideg Upassunge gemaach musse ginn, fir nei Innovatioune ze entwéckelen. E konkreten Aktiounsplang kéint d'Resultat vun dëser Konferenz sinn.

Fir datt dee ganzen Innovatiounsprozess och wirklech Succès huet, muss d'Konferenz an och d'Coordinatioun vun der Recherche an der Wëssensverméttlung vun engem onofhängege Sekretariat assuréiert ginn. E Comité de vulgarisation, wéi en elo besteet, géif dëst Sekretariat presidéieren. De ganzen Ensemble – mat all de Partner – géif dann de Kompetenzzentrum vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft forméieren. Ech sinn iwwerzecht, datt mir an engem klengen Land, ewéi Lëtzebuerg, iwwert dee Wee vill Theme behandeléieren kënnen, éier se zum Problem fir eis Landwirtschaft ginn.

Merci Laurent

Léif Éiregäscht,
Léif Leit,

Erlaabt mir, den Owend dovun ze profitéieren, fir e spezielle Merci auszuschwätzen, an dat fir de laangjäregen Asaz vum Laurent Frantz am Europäesche Rot vun de Jongbaueren (CEJA). De Laurent huet d'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer zu Bréissel zënter 2005 mat vollem Asaz vertrueden. Déi lescht 2 Joer war hie Vizepräsident vum CEJA an huet virun allem dozou bäigedroen, dass déi nei EU-Agrarreform eng Erhéijung vun den Direktzahlunge fir Jongbaueren an Europa virgesäit. D'neiwent huet de Laurent eis Organisatioun an Europa bekannt gemaach.

Laurent,

Mir wëssen dass du deng Kollegen a Frënn aus dem CEJA gäre getraff hues an och



De Präsidium vun de LJB&JW, deem dem Laurent Frantz dankbar ass, fir säi groussen Asaz am CEJA: (v.l.n.r.) Jeff Boonen, Fränz Schlechter, Laurent Frantz, Franky Peller, Charel Etringer, Jean-Michel Nesper

haut nach gäre mam Motorrad bei si fiers. Huel dofir dëse Bong aus engem Motorradgeschäft entgéint als en Zeeche vun engem groussen Merci!

Léif Leit,

Loosst mech fir ofzeschléissen nach e puer weider Mercien ausschwätzen, fir déi respektiv moralesch a finanziell Ënnerstëtzen, déi eiser Organisatioun zegutt kommen:

- Un déi Verantwortlech vum Landwirtschafts-, dem Nohaltegkeets- an dem Familljeministär an un hir zoustänneg Verwaltungen. Wéi scho gesot: Mir si frou, datt mir esou e gudden Kontakt hunn an datt eis Fuerderunge Gehéier bei hinne fannen.
- Un all déi landwirtschaftlech Organisatioune mat deene mir zesummeschaffen.
- Un de Lycée Technique Agricole a speziell un den Här Direkter Tom Delles, fir d'Raimlechkeeten, déi mir iwwer d'Joer erduerch an och haut nees zur Verfügung gestallt kréien.
- Un eisen Nationalaumônier, den Abbé Romain Richer, deem äis ëmmer gutt zur Säit steet.

- Ech well eis Leit an der Zentral am Centre Convict net vergiessen – niewent dem Franz, deem ech ugangs schonn ernimmt hunn – d'Madame Chantal Heuschling-Rischette, déi d'Sekretariatsarbecht assuréiert an d'Madame Jacqueline Monville, déi fir d'Kooperatiounsprojete vun eiser ONG zoustänneg ass.

- E groussen Merci geet vu menger Säit aus un eis ekologesch Landwirtschaftsberoderin, d'Madame Katharina David, déi mat hirem Dynamismus an hirem Iwwerzeegungskraaft gutt bei de jonke Baueren ukënnt.

- Da wëll ech de Memberen aus dem Nationalkomitee an dem Präsidium e groussen Merci soen, fir hire politeschen Asaz – sief dat op europäeschem oder nationalem Plang.

- E weideren a leschte Merci geet un den Aarbechtsgrupp Zuucht an un all d'regional Gruppe vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer, déi dat ganz Joer iwwer eng Hand mat upaken, wann se gebraucht gétt.

Ech soen Iech Merci!

Déi aktiv jonk Baueren an de Fokus vun eiser Politik!

Agrarpolitesch Stellungnahm 2013

Virgedroe vum Fränz Schlechter, Vize-President vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer

Léif Éiregäscht,

Dir Dammen an Dir Hären,

Déi grouss Linne vun der EU-Agrarpolitik sinn decidéiert. An dëser Reform gouf méi ewéi eemol gesot, datt déi jonk an aktiv Baueren ënnerstëtzt musse ginn. Mir si frou, datt eisen zoustännege Minister sech déi lescht Joren zu Bréissel fir äis agesat huet a verschidden Iddien vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer mat an d'Diskussiounen afléisse gelooss huet. Mir denken hei speziell un den *Top up payment*

fir jonk Baueren an un d'Unerkennung vun de Leguminosen am Greening. An deenen nächste Méint geet et elo nach drëm, fir d'Agrargesetz och hei zu Lëtzebuerg esou auszeleeën, datt d'Landwirtschaft – a virun allem déi jonk Baueren – gestärkt ginn.

Neit Agrargesetz

Mir brauchen den Owend net op all d'Punkten an d'Fuerderungen zum neien Agrargesetz zrëckzekommen. Eis Gewerkschaften an och eis Landwirtschaftskam-

mer leeschten eng gutt Aarbecht – an dat am Sënn vun de Betriber. Zweek Punkte leien äis awer um Häerz, déi mir hei kuerz ernimme wëllen:

- Mir géifen et begréissen, wa sech méi ewéi ee Jonken op engem Betrib installéieren a vun der Installéierungsprime profitéieren kënnen. D'Betriber wëssen, an oft ass et grad op de gutt strukturéierte Betriber, wou zweek jonk Baueren zesumme schaffe wëllen. Mir wëssen, datt – laut Bréisseler Text – eng Limite pro

Betrieb festgesetzt ass. Mir fuerderen awer, datt Lëtzebuerg sech staark mécht, fir eng Ännerung erbäizeféieren – dat am Sënn, datt déi Limite op de Betriebsleeder festgeluecht gëtt.

- Doniewent erlabe mir äis, fir weiderhin ze fuerderen, datt den zukünftegen Taux vun den Investitiounsbäihëlfelefen op d'Maschinen an op d'Gebaier 20% méi héich fir jonk Bauere soll sinn, wéi fir Anerer. Dëst ass esou vu Bréissel genehmegt an dee gesamte Spillraum soll hei zu Lëtzebuerg ausgenotzt ginn, wéi dat iwwerens och an de Wahlprogrammer vu verschidde Parteien stoung.

Mir sollen äis awer net eleng op dat Agrargesetz beschränken, mee och aner Mesuren hei am Land ugoen, fir déi jonk Baueren indirekt ze ënnerstëtzen.

Den aktive Bauer ënnerstëtzen an de Generatiounswiessel viru bréngen

Mir ginn net midd, fir dorop hinzewiesen, datt den aktive Bauer vun der Politik ënnerstëtzt an optimal Rahmbedingungen fir hie geschaf mussen ginn. Et ass jiddwereen, ob Minister, Deputéierten oder Landwirtschaftlech Gewerkschaft mat dëser Ausso d'Accord! An awer gëtt net dat Néidegt gemaach! Et entstinn Definitioune vum aktive Bauer, déi esou breet gefächert sinn, dass jiddwereen se ëmgoe kann.

Fir wirklich dee jonken an aktive Bauer ze ënnerstëtzen, si mir der Meenung, datt all Primerechter vun de Baueren, déi mam Betrieb ophalen, un de Staat zrëckgoen an un déi jonk Bauere verdeelt solle ginn. An dat Ganzt ouni Entscheedung fir deen, deen ophält! En huet dëst Primerecht jo och zum Nulltarif ausgedeeelt kritt! Hei mussen eis Politiker sech staark maachen, datt an enger nächster Agrarreform keen handelbart Recht a Punkto Bäihëlfelefe méi geschaf gëtt. Dat féiert dozou, datt d'Baueren vill Käschten an Ausgaben hunn, fir iwwerhaupt an de Genoss vun de Primären kënne ze kommen! Fir dëser Situatioun entgéintzewirken, mussen an Zukunft nach vill méi Mesuren exklusiv fir de jonke Bauer zur Verfügung ge-

stellt ginn. Den Top up aus der éischer Sail ass e begréissenswäerten Ufank: Hei kréien nëmme jonk Bauere gehollef, fir hiren Betrieb zukunftsorientéiert opzebauen – ouni, datt dëst Recht kaf muss ginn.

Mir stellen äis d'Fro, firwat e pensionéierte Bauer, dee méi al wéi 65 Joer ass, all Bäihëlfelefe kasséiere kann? Mir hu kee Problem domat, wann een a senger Pension nach gäre Bauer wëll sinn, mee en dierf dobäi net méi finanziell ënnerstëtzt ginn. Mir mussen dréngend eng Hofabgabeklausel aféieren, déi entweder d'Rente kierzt oder all finanziell Bäihëlfelefe sträicht, wann de Bauer viru schafft. Dëst géif de Generatiounswiessel fördern an dem landwirtschaftleche Sektor vill bréngen: De jonke Bauer ass méi innovativ, bréngt de Sektor virun an ass och oft méi effizient, wéi deen eelere Bauer.

Wou bleift de Courage, fir déi néideg Mesuren ze ergreifen, déi méi wäit ginn a dem aktive jonke Bauer wierklech zegutt kommen. Natierlech kann et sinn, datt de Pensionéierten, den Hobbybauer oder de Verpiechter vu Flächen en Nodeel bei dësen Mesuren huet.

E konkret Beispill ass de roude Mazout: Firwat muss de pensionéierte Bauer nach de roude Mazout kréien? Säu Business – mir schwätzen jo haut gäre vum Bauer als Businessman – ass ofgeschloss an domat brauch hien och keng Vergëschtegung méi um Mazout! Déi Sue kéinte mir äis spueren an se de jonke Baueren zur Verfügung stellen.

E leschte Punkt, dee mir an dësem Kontext kritiséieren, ass de System vun de Wahlen vun eiser Landwirtschaftskammer. Hei decidéiere Pensionären, wien d'Landwirtschaft vertritt. Vun de 6.069 Wieler sinn 58% pensionéiert. Dat kann net am Interêt vum aktive Bauer sinn. Fir äis ass et ganz kloer, datt bei den nächste Wahlen ee Représentant vun de Pensionären gewielt soll ginn, deen sech fir hir Interéiten setzt. Déi aner 18 sollen awer nëmme vun den Aktiven gewielt kënne ginn. Dee System féint een elo scho bei de Wahlen fir d'Chambre des salariés.



De Vizepräsident Fränz Schlechter bei sengem engagéierte Virdroe vun der agrarpolitescher Stellungnahm

Aarbechtskräften an der Landwirtschaft

Op lëtzebuenger Betriber besteet d'Tendenz, fir lues a lues méi Aarbechter anzustellen, well d'Betriber wuessen an d'Aarbecht net méi mat Familljemembere gemeeschtert ka ginn.

Mir hunn hei am Land de Problem, datt de Mindestloun esou héich ass, datt d'Rentabilitéit vum Aarbechter net garantéiert ass an datt eng Ustellung e risegen a riskante Schrëtt fir de Betrieb ass. Et ass bekannt, datt et schwierig ass, fir e lëtzebuenger Aarbechter ze fannen, dee gewëllt ass, fir an der Landwirtschaft ze schaffen – an net direkt eng Plaz am öffentliche Déngscht sicht. Mi hunn awer vill jonk Aarbechtsloser, déi konstruktiv an d'Landwirtschaft agebonne kënne ginn.

Fortsetzung am nächsten Duerf. Déi komplett Stellungnahm féint deen Interesséierte schonn ënner www.jongbaueren.lu. Si kann och an der Zentral vun eise Verbänn ugefrot ginn: Tel. 44 743 -252



Op en Neits konnten nees vill Perséinlechkeeten a Sympathisante vun de LJB & JW um traditionellen Treffte vun der Associatioun am Festsall vum LTA begréisst ginn

Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

Unsere Entwicklungsprojekte 2013 – 2. Teil

BURKINA FASO – Imasgo

Fortsetzung des Programms im „Centre Technique de l'Amélioration de la traction Asine“ – CTAA



Die Teilnehmer am diesjährigen „Comité de Pilotage Stratégique“

Das „Audit organisationnel“

Ende Dezember 2012 wurde ein „Audit organisationnel“ von einem lokalen Büro durchgeführt, um die Stärken und Schwächen des CTAA aufzuweisen. Die Sachverständigen zeigten folglich mehrere Pisten auf, um die Zusammenarbeit des Projektträgers mit den Verantwortlichen des CTAA, sowie die Kommunikation zwischen dem Personal des Zentrums und dem Direktor zu verbessern. Auch empfahlen sie dem lokalen Partner, einen Sekretärsposten zu schaffen, um die täglich anfallenden Schreibarbeiten zu erledigen.

Die neue Projektbeauftragte

Seit dem 1. Juli 2012 arbeitet Frau Jacqueline Monville halbtags in der Zentrale der „Lëtzebuenger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer“ und insbesondere im Büro der NRO. Ihre Arbeit besteht darin, die Projekte unserer NRO zu koordinieren, zu begleiten und dafür zu sorgen, dass sie vertragsge-

mäß ausgeführt werden. In der kurzen Zeit seit ihrer Einstellung, hat sich Frau Monville sehr gut in ihren verantwortungsvollen Posten eingelebt und verwaltet die Projekte mit großer Sachkenntnis.

Im Februar 2013, hat sie am „Comité de pilotage stratégique“ (CPS) im CTAA in Imasgo teilgenommen. Seither ist der bis dahin zuständige ehrenamtliche Projektleiter Marcel Scheidweiler von dieser Arbeit entbunden.

Studienreise der Mitglieder der Verbände Landjugend – Jongbauern und Jungwinzer vom 24.11.2012 – 01.12.2012


Vom 24. November bis zum 1. Dezember 2012, weilte eine Gruppe von 11 jungen Luxemburgern in Burkina Faso. Nach der Visite des tierreichen 900 km² großen Parks Nazinga, fuhr die Gruppe nach Imasgo, wo sie das CTAA besuchte. Anschließend

stand der Besuch der im Projekt implizierten Pilotdörfer auf dem Programm. Die Bauernvertreter im 150 km entfernten Sabouna sowie die 250 km entfernten Produzenten in Koalma bereiteten ihren Besuchern einen herzlichen Empfang. Die Mitglieder der Gruppe bekamen einen Einblick in die nicht einfachen Lebensumstände der Bewohner dieser Dörfer. Dies erlaubte es ihnen, die afrikanischen Gegebenheiten aus einer ganz neuen Perspektive zu betrachten.

Mit Blick auf eine weitere Partnerschaft

Da das Projekt im Allgemeinen eine breite Zustimmung erfährt und auch in Luxemburg als Vorzeigeprojekt gilt, sind wir fest davon überzeugt, dass die Auflagen der „phase transitoire“ erfüllt werden und so der Weg zu einer weiteren Partnerschaft ab Mitte 2014 geebnet wird – dies insbesondere im Interesse der lokalen Landbevölkerung, denen unser Anliegen gilt.

Marcel Scheidweiler



Dem ehemaligen Projektmanager Marcel Scheidweiler gilt unser besonderer Dank. Mit großem Engagement hat er das Projekt CTAA seit 2003 mitinitiiert, sich maßgeblich an der Ausarbeitung beteiligt und ab 2008 intensiv begleitet




Bäileedskaarte fir e gudden Zweck zu Gonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika

Mir weisen drop hinn, datt dir dës Bäileedskaarten (Fotoe si faarweg) an der Zentral vun der Lëtzebuenger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer ufroe kënn. Bannendra fannst dir en Text aus dem Johannes-Evangelium (Joh, 12,24): „Wenn das Weizenkorn nicht in die Erde fällt und stirbt, bleibt es allein. Wenn es aber stirbt, bringt es reiche Frucht.“

Den Erléis vum Verkauf kënnst du der Entwécklungsaarbecht vun der ONG Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l. zegutt. Informatiounen iwwer d'Aarbecht zugonschte vum Bauerestand an Afrika, fënnst du den Interessierten ënner www.jongbaueren.lu.

D'Bestellung kënnst du maachen: iwwer Tel. 4 47 43-252, Fax 4 47 43-563 oder per E-mail landjugend@pt.lu mat dem Vermierk: Bestellung vun ... Bäileedskaart(en). **Präis pro Kaart: 2,50 € (+ Porto)**




En alternative
Cadeau
fir Chrëschtadag

Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso“

Am Hëllef op d'Maximéierung vun den Erträg soll d'Aarbecht mat der Kassin fir vill Produzente vum Plateau central am Burkina Faso erméiglecht ginn.



Mat dem richtigen Aarbechtsgeschr (lénks d'Kassin mat der Sous-Soleuse, riets de Kieler) an den optimiséierten Aarbechtmethoden kënnen d'Erträg vun den einfache Baueren nowieslech verbessert ginn

Zënter Januar 2008 ënnerstëtzt d'ONG de lokale Partner Association Les Mains Unies du Sahel (AMUS) bei der Ëmsetzung vum Kooperationsprojéct Centre Technique de l'Amélioration de la traction Asine (CTAA) zu Imasgo am Burkina Faso.

Bis Dezember 2012 goufe ronn 1.000 Baueren aus deene véier *Comités Villageois de Développement* (CVD) – Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna – déi enk mam CTAA zesummeschaffen, am fachgerechten Ëmgang mam lesel an dem Uspäen vun der **Kassin** vu Moniteure vum Zentrum ausgebilt.

Tatsächlech kënn dem lesel bei der Optimiséierung vun der Aarbecht vun deenen einfache Bauere vum Plateau central vum Burkina Faso eng maassgeblech Roll zou. Mat Hëllef vum wichtege Schaffdëier an dem adaptéierten Aarbechtsgeschr – **der Kassin** – ass et dem Produzent méiglech, fir

méi grouss landwirtschaftlech Fläche mat manner Ustrengung an Zäitopwand ze bestellen an nowieslech gréisser Erträg op de Felder ze erwirtschaften.

D'Kassin, déi liicht ze handhaben ass, ass vun der franséischer Associatioun PROMMATA (Promotion du Machinisme Moderne Agricole à Traction Animale) entwéckelt ginn, fir deenen einfache Baueren d'Aarbecht um Feld ze erliichten. Et ka vu lokale Schmëtt hirgestallt ginn a schafft deemno zousätzlech Aarbecht fir d'Handwierker um Land.

Allerdings ass de Basismodell (125 €) mat deem néidegen Trident (40 €) an dem Kieler (7,50 €) – wat en **Total vun 172,50 €** (~ 115.000 CFA) ausmécht – fir d'Produzente schwéier ze bezuelen. Fir hinnen entgéint ze kommen, hunn déi Verantwortlech vum CTAA mat de *Comités Villageois de Développement* e Modell ausgeschafft, fir de

Produzenten dëst Aarbechtmaterial zur Locatioun unzbedden. De Baueren aus der Géigend vun deene véier Dierfer stinn deemno am Moment 9 Kassinen zur Verfügung, fir hir Plantatiounen unzeleeën.

Mat der **Aktioun 100 Kassinen** wëll d'ONG e weidere Schrat maachen, fir nach anere Produzente d'Méiglechkeet ze bidden, fir op dat interessant Aarbechtsgeschr zréckzegräifen. D'Material vun de Produzente vun Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna soll op 20 Stéck opgestockt ginn a weidere Bauerenorganisatiounen – déi Interessé un de Formatiounen vum CTAA gewisen hunn – soll d'Geleeënheet gebuede ginn, fir hire Membere eng Kassin bei Bedarf zur Verfügung ze stellen.

Am Numm vun de Concernéierte seet de Verwaltungsrot vun der ONG-D all deenen, déi d'Aktioun droen, elo schonn e ganz grouse MERCI!

Wann Dir dës Aktioun – an deemno déi manerbemëttelt Produzente am Burkina Faso ënnerstëtze wëllt – kënn Dir dat maachen mat engem Don op ee vun de Konte vun der ONG-D *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

CCPL LU05 1111 0050 3083 0000
CCRA LU32 0090 0000 0157 8004

mam Vermierk:

Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso“

(Är Done si steuerlech ofsetzbar!)

Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht an Afrika

Bei Geleeënheet vun hirer Hochzäit hunn d'**Madame Sandy Splicks** an den **Här Gilles Martiny** vu Proz der ONG e generéisene Don fir hir Aarbecht am Interessé vum Bauerestand an Afrika zoukomme gelooss.

Der Famill vun der Verstuerwener **Madame Maria Binck-Wirth** vun Éischt dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlech Bäileed aus. Si huet an hirer déiwer Trauer duerch hire generéisene Don en Zeeche vun Hoffnung fir déi ländlech Bevëlkerung an Afrika gesat.

Am Numm vun de Concernéierten am ländlechen Afrika soe mir e grouse Merci!

Mich von DIR finden lassen

Gebiet vun der Démarche

Herr Jesus Christus,
sprich Dein gutes Wort in mich hinein
und lass es mich mit einem offenen Herzen hören.

Strahle Dein Licht in mein Leben
und lass mich Dich mit neuen Augen entdecken.

Präge Dein Bild in mich hinein
und lass mich die Wahrheit sehen.

Verändere mein Denken,
und lass mich Deinen Willen erkennen.

Leite mich auf dem Weg der Umkehr
und lass mich von Dir gefunden werden.

Suche mich auf den Straßen dieses Lebens
und gib mir den Mut meine Wunden zu zeigen.

Wachse in mir durch das Werk Deiner Liebe,
so dass ich Dir im Nächsten diene.

Rufe mich auf den Weg des Friedens,
so dass ich für andere zum Zeichen der Versöhnung werde.

Amen!

Schluss vun der Sait 1

Am Vertrauen op seng Präsenz kënne mir d'Erausforderunge vun der Neievangelisierung gesinn an un huelen. Dat stëllt Gebiet, deem mir an eise Gemeinschaften a Parverbänn eng prioritär Plaz ginn, gëtt äis Kraaft a Courage fir eist Chrëschtsinn a Kierch a Gesellschaft", sou schreift den Här Äerzbischof am Virwuert vun der Brochure „Démarche spirituelle, se convertir au Christ“ fir den Advent 2013.

Als Gedeefte hu mer e konkreten Auftrag: d'Evangelium an d'Welt erauszudroen. Dëst ass net ëmmer einfach, a wéi oft kritt ee Steng an de Wee geluecht... Awer kloer zum Glawen ze stoen, kloer „Jo“ zum Härgott ze soen, am Evangelium e Kompass fir d'Liewen ze fannen an dat ze weisen, dëst ass wichteg, fir datt mer eng gestärkten a glafwierdeg Gemeinschaft sinn. All eist Denken a Schaffen, eist Organisieren an Erneiere mussen hier kreativ Wuerzel beim Härgott an an der Beziung zu Him, am Gebiet hunn.

Léif Frënn, ech wënschen lech all e gudden Start an dat neit Kierchejoer. Schenkt lech genuch Rou an Zäit. Loosst lech vum Härgott sengem Message déi Hoffnung a Freet schenken, déi lech d'Kraaft ginn, e gléckleche Wee ze goen an Zeie vun der Léift ze sinn an dëser Welt. D'Freet vu Chrëscht-dag soll lech an Är Familien iwwert d'ganzt Joer begleeden!

Abbé Romain Richer

Chrëschtmetten am Stall zu Beetebuerg

Op Hellegowend, en Dënschdeg, de 24. Dezember 2013 um 24.00 Auer: Chrëschtmetten am Stall vun der Famill Biver um Äppelbierg (vis-à-vis vun der Celula) zu Beetebuerg.

Mam hellege Franziskus um Wee bei d'Krëppchen

Chrëschtmette mat Krëppespill am Stall zu Houfelt

Zesumme mam Abbé Romain Richer, Nationalaumônier vun der Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer, an dem Pastoralreferent Werner Michels, invitéiert d'Lëtzebuurger Landjugend Cliärref, de 25. Dezember 2013 um 00:15 Uhr an d'Chrëschtmetten um Betrib vum Marc Zeimes (Maison 57) zu Houfelt.

Während dem Gottesdëngscht am Stall gëtt d'Chrëschtgeschichte vum hellege Franz vun Assisi an engem Krëppespill virgedroen. D'Mette gi musikalesch vum Chouer vun Helzen, Houfelt und Weller encadréiert.

Ueschléissend invitéiert d'Landjugend op Chrëschtstollen a Glühwein. Den Erléis vun der Aktioun ass fir e gudden Zweck.



Impressum

Herausgabe:

ACML
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LUXEMBOURG

Verantwortung:

Aktioun:

Jean-Paul Schneider 44743-251
Fernand Huberty 44743-251

Duerf:

Romain Richer 44 743-562
Franz Glodt 44 743-252

Druck:

Saint-Paul Luxembourg

Erscheinungsdatum:

zehn mal jährlich